



# ZOOM 1200 mm

## Zoom op d'Studentenzeen

### D'STUDENTENZEITUNG

Editioun 2012-2013

B.P. 63 L-7201 Bereldange • contact@acel.lu • [www.acel.lu](http://www.acel.lu)

### Editorial

Léif Lieser,

De Zoom1200mm ass eng Zeitung déi et erlält e klengen Abléck an d'létzebuerger Studentenzeen ze kréien. Dës Zeitung ass an Zesummenarbecht mat de Cercles vun der ACEL an deejénegen Auteuren entstan, déi eng flott Geschicht ze zielen haten. Sou hu mer zum Beispill en Bericht iwwert eng Auslandserfahrung a Finnland awer och zu Baltimore, a mer gesi wat et bedeit en Doktorat oder seng eegen Entreprise ze maachen. Ausserdeem kucke mer zeréck op eng gelonge REEL'12 zu Oochen an et gëtt e klengen Abléck an d'Aarbecht vun der ACEL sou wéi och e Studenten-ABC. Wéi gewinnt gëtt de Zoom och dëst Joer erëm zesumme mam Tageblatt verdeelt, wat fir eis eng flott Chance ass, e grosse Public ze erreechen. Op dëser Plaatz dofir e grosse Merci un all eis Contributeuren an un eis Sponsoren, déi et eis all Joer erlauben esou e Projet op d'Been ze stellen.

### Léif Lieser



Léif Lieser,

D'ACEL ass frou fir iech och dëst Joer rëm duerch de Zoom1200mm een Abléck an déi létzebuerger Studentenzeen kënnen ze bidden. Mam Zoom1200mm wölle mir an éischter Linn d'Schüler op der Studen- tefoire uschwätzen an hinnen ee klenge Virgeschmaach op déi spannend Joere ginn, déi si als Student wäerten erliewen. Well de Zoom1200mm sech awer och u Leit riicht, déi eventuell net a permanentem Kontakt mat der Héichschoulwelt stinn, si mir vrou datt eis d'Méiglechkeet gi gëtt dës Zeitung zesummen mam Tageblatt ze verdeelen.

1984 als politescht Sproochrouer zu Karlsruhe gegrünnt, vertrëtt d'ACEL hautdesdaags 42 Studentencercles an ass domadder dee wuel gréisste Studentevertrieber zu Létzeburg. Déi dräi Haaptpiliere vun der ACEL sinn: Schüler a Studenten informéieren, Studenten representéieren an d'Studenten zesummebréngen. Aus der Zesummenarbecht vu ville

kreative Käpp sinn am Laf vun de Joeren eng ganz Panoplie un Evenementer an Informationsbroschüren entstanen.

Déi zwou Haaptpublikatiounen, den "Guide du Futur Étudiant" fir Schuler an de "Guide du Futur Diplômé" fir all jonken Diploméieren, sinn zwou éischtklasses Informationsquellen déi mir gratis zur Verfügung stellen. Och um politesche Plang ass d'ACEL ganz aktiv. Sou stoungen dëst Joer, ènnert anerem de "statut étudiant" bei der Gesondheetskeess, d'Pensiounsreform an divers Entrevuen um Programm.

Och d'REEL, déi dëst Joer am Zeeche vun der Wissenschaft an Technik stoung, ass e fixen Datum am Kalenner vun der ACEL. Op dëser Plaz felicitéieren ech dann och dem Oochener Comité vun der REEL fir déi gelongen Organisatioun.

Iwwert d'ganzt Joer organiséieren d'Cerclë vun der ACEL verschidde sportlech, kulturrell a biblitiv Aktivitéiten, wou d'Studenten, déi duerch d'ganz Welt verspreet studiéieren, zesumme kommen. Vun de gréissere Manifestatiounen vun der ACEL bleift de Studentebal wuel dee bekanntesten. Awer och den Tournoi de Noël gëllt et net ze verpassen. Hei kënne Studente sech a verschidde sportlechen Disziplinne bewisen.

Elo hunn ech awer genuch iwwert d'ACEL an hir Aktivitéite gezielt an et bleibt mir just nach vill Spaass beim Liesen ze wünschen.

Marie-Paule Even  
Präsidentin

### SOMMAIRE

D'ACEL	2
Doktoranteninterview	3
ALUS Nikloos-Rallye	4
Zesumme mat der ALEM	5
Guide du Futur Étudiant	6
Guide du Futur Diplômé	6
Student fir 1 Dag	6
Mun Elämäni Suomessa	7
REEL 2012 zu Oochen	9
Zoom sur sujets d'actualité	11
ANELD	11
Being an entrepreneur	14
Johns Hopkins Hospital	15
TOP 10 Unisstied	15
Studenten ABC	16

### IWWERBLÉCK

#### ALUS Nikloos-Rallye

"D'Studentenzäit ass déi schéinsten Zäit ! ". Nee, dése Saz staamt net vum grosse Konfuzius, mä ass dofir awer eng fest verankert Wäisheet an der létzebuerger Studentegeschicht. D'Studentenzäit ass awer net déi schéinsten Zäit wéinst deene villen Examen, Klausuren, „travaux pratiques“, Hausarbeiten, etc. mä sécherlech wéinst dem „studentesche Rahmenprogramm“, deen een als Student an deene sellechen Universitésstied kenne léiert. Stroossbuerg, mat sengem létzebuerger Studenteclub, der ALUS (Association des Luxembourgeois aux Universités ...

» 4

#### Mun Elämäni Suomessa

Dat wor et also mat menger Auslandserfahrung. Et ass eriwwer a säit geraumer Zäit sätzen ech erëm heiheim. Ma vu wat schwätzen ech hei iwverhaapt? Déi meeschte konnte villäicht schonns mam Titel net vill ufänken, obwuel et eigentlech relativ einfach ass: "Mäi Liewen a Finland". A schonns wierte mer matten an der Geschicht oder, soll ech soen, deene Geschichten, déi ech während mengem Austauschjoer op der Aalto University zu Helsinki a Finnland sou duerch- an heiansdo och sou just iwwerleift hunn. Et wor am Wantersemester 2010/11, wou ech op eemol feststelle misst, ...

» 7

#### REEL'12 Oochen

"Technischer Fortschritt: Von der Wissenschaft getrieben, von der Gesellschaft gebremst?" Ènnert deem Motto stoung déi dësjähreg REEL (Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois) zu Oochen. Fir d'drätt no 1997 an 2005 huet et also e Brochdeel vun de létzebuerger Studenten déi uechert d'Welt verdeelt sinn an d'Stad vum Karl de Groussen verschloen. Gutt 150 Studenten, ob Comitésmemberen, Cerclesmemberen, Organisateuren awer och Ancien'en hunn alt erëm véier flott an ofwiesslungsräich Deeg mateneen verbuecht. Startschoss war Donneschdes Moies ...

» 9

## D'ACEL - däin Studentevertrieder

Aus engem Grapp voll engagéierte Studenten, déi 1984 decidéiert hu sech zesummenzodoe fir besser gehéiert ze ginn, ass eng Association ginn, déi net méi aus dem lëtzebuerger Studentermilieu ewech ze denken ass. D'Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois (ACEL) vertrëtt haut net manner wei 42 Studentercercle déi duerch d'ganz Welt verspreet sinn. D'est mësch d'ACEL zum Représentant vun ronn 10.000 Studenten an ass domadder de grëssten an wichtigsten Studentevertrieder zu Lëtzebuerg.

### D'ACEL ass ideologesch a politesch neutral.

Vill lëtzebuerger Studente sinn derzou gezwangen hirt Studium am Ausland ze maachen well d'Unzel u komplette Studiegäng déi d'Universitéit Lëtzebuerg ubitt begrenzt ass. D'est ass eng eenzegaarteg Situations, déi grouss Virdeeler mat sech bréngt an zur Grënnung vu Studentevereenegungen a villen europäesche Stied gefouert huet. 37 „Cercle“ bilden haut déi aktiv Membere vun der ACEL a sinn op 12 Länner verdeelt. Dorënner ass d'Belge, Däitschland, Frankräich, England, Irland, Holland, Éisträich, Schweden, Schwäiz, Kanada an Amerika. Dës Vereenegungen empfänken a vereenen d'lëtzebuerger Studente während hirer Studienzäit an de jeweilegen Stied. Dernieft ginn et nach 5 fachspezifesch Cercle (Medeziner, Economisten, Juristen, Psychologen an d'Juristen). Sait senger Grënnung huet sech den Daachverband dräi Haauptaufgabe gesat:

- **Zesummebréngung** vun de lëtzebuergesche Studenten am Ausland, wéi och zu Lëtzebuerg.

• **Representatioun** a Verdeedegung vun de Rechter vun de Studenten ob nationalem an internationalen Niveau.

- **Informatioun** vun de Studenten an den zukünftege Studenten.

### Zesummebréngung:

D'ACEL organiséiert verschidden Evenementer fir d'Studenten zesummenzbréngen an den Echange zwëschen de Studenten ze fuerderen.

De grëssten Event am Joer ass ouni Zweifel de „Studentebal“. Mat sengem eenzegaartige Konzept bréngt en an engem Owend déi verschidde Kulturen an Traditionen aus deene verschiddenen europäesche Studentestied zesummen.

En anert wichteg Evenement am Kalenner vun all Student ass den „Tournoi de Noël“. An dësem Sportstournéier trieden Equipeen aus de verschiddenen Unisstied am Volleyball, Fussball a Basket während zwee Deeg géinteneen un. Den Erléis geet un e gudden Zweck.

### Informatioun:

D'ACEL bréngt net némmen hier Studenten zesummen mä informéiert se och. D'est mësch se mat Héllef vun hirem „Guide du Futur Diplômé“, deen geduecht ass dem jonken Diploméierten eng Starthelfer ze sinn fir

an d'Aarbechtswelt. Doriwwer eraus huet d'ACEL sech och als Ziel gesat déi zukünfteg Studenten ze informéieren, an zwar mat hirem „Guide du Futur Étudiant“, deen all Joer am September nei eraus kennt.

De „Guide du Futur Étudiant“, den et säit 1987 gëtt, informéiert zukünfteg Studenten aus eischter Hand iwwert d'Liewen an d'Studienméiglechkeeten an de verschiedenen Unisstied.

De Guide liwwert Informatiounen iwwert déi verschiddenen Unien, Aschreiwungsterminen, Aschreiwungskonditionen, etc. an nützlech Informatiounen wat d'Liewen an de Stied selwer betréfft. (wéi en am beschten eng Wunneng fënnt, de Präis vum Loyer, etc.).

De „Guide du Futur Diplômé“, den et säit 1999 gëtt, regroupéiert all wichteg Informatiounen fir den Antrëtt an d'Beruffswelt. Dëse Guide kënnt all Joer Enn Mee eraus.

### Déi zwee Guiden sinn gratis erhältlech.

Niewent dësen zwou Publikatiounen geet d'ACEL och regelméisseg an di verschidde Lyceéë fir d'Schüler iwwert d'Studien ze informéieren. D'ACEL an hier Membercercle sinn och all Joer op der „Foire de l'Étudiant“ vertrueden fir den zukünfteg Studenten sou gutt a sou vill wie méiglech nützlech Informatiounen mat op de Wee ze ginn.

### Representatioun:

Net manner wichteg wei d'Informatiounscampagne vun der ACEL ass d'Vertriebung vun de Studente vis-à-vis vun den Autoritéiten an d'Verdeedegung vun hire Rechter. An dësem

Kontext steet d'ACEL a reegelméissegem Dialog mat de verantwortleche Ministèreen énner anerem den fir Héichschoulbildung a Forschung.

E ganz wichtegen Datum am lëtzebuergesche Studentenkallen ass d'REEL (Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois) déi all Joer vun engem anere Studentencercle organiséiert gëtt. Dës grousst Zesummentreffen vun lëtzebuerger Studenten war d'Basis fir d'Grënnung vun der ACEL.

Säit 1984 bréngt d'REEL all Joer ronn 150 Studenten zesummen. Während dësem Zesummentreffen fannen Diskussiounen an en Austausch zu verschiddenen aktuellen Themen statt. D'Schlussfolgerunge vun dësen Diskussiounen ginn dann op der „Journée officielle“ un den Héichschoulminister erungedroen. Dësen Dag steet am Zeeche vun engem interaktiven Débat zwësche Studenten a Ministerium. Außerdeem bringt d'REEL järlech lëtzebuerger Studenten aus ganz Europa zesummen fir onvergiesslech Momenter an der Gastgeberstad ze verbréngen an dës ze entdecken.



## TOI, TES TALENTS, TA VIE ACTIVE.

C'EST POUR TOUT ÇA QUE NOUS  
SOUHAITONS TE RECRUTER.

Tu viens de terminer tes études secondaires ou universitaires ?

La SPUERKEESS te félicite sincèrement d'avoir franchi ce pas important dans ta vie.

Envie de débuter une vie professionnelle dans une banque luxembourgeoise avec plein d'opportunités de carrière ?

RETRouve-NOUS SUR

MY LITTLE BIG STEP.LU



SPUERKEESS  
Äert Liewen. Är Bank.

## Doktoranteninterview Pit Bingen



**„Deen näischt wot, deen  
näischt wënnt, deen näischt  
sicht, deen näischt fénnt“**

Dieser Satz ziert die erste Seite von Pit Bingens Doktorarbeit, die er zwischen 2008 und 2012 am Deutschen Krebsforschungszentrum (DKFZ) in Heidelberg angefertigt hat. Und sein Motto scheint sich auszuzahlen: In seiner jungen Forscherkarriere kann der Physiker bereits auf fünf Publikationen zurückblicken, die in renommierten Zeitschriften erschienen sind – die letzte in keiner geringeren als der *Science*.

**FNR: Pit Bingen, als Physiker an einem Krebsforschungszentrum zu arbeiten, scheint auf den ersten Blick ungewöhnlich. Wie kam es dazu?**

PB: Am DKFZ arbeiten neben Biologen und Medizinern auch Chemiker, Physiker oder Informatiker. Es ist dort also sehr interdisziplinär. Ich habe an der Optimierung von optischen Mikroskopen gearbeitet, im Bereich der so genannten optischen Nanoskopie. Meine physikalischen Kenntnisse wurden also gebraucht, um Forschungsinstrumente für Mediziner bzw. Biologen zu liefern.

**FNR: Weshalb gerade das Krebsforschungszentrum in Heidelberg?**

PB: Während ich am Imperial College in London studierte, hielt Prof. Dr. Stephan Hell vom Max-Plank Institut für Biophysikalische Chemie einen Vortrag über seine neue Methode der optischen Mikroskopie. Da ich mich in meiner Master-Arbeit mit einem ähnlichen Thema befasste, war ich begeistert. Als ich zudem herausfand, dass er auch mit einer Arbeitsgruppe

in Heidelberg tätig ist, wo ich mein Erasmusjahr absolvierte, wollte ich hin. Kurz danach war mein Vorstellungsgespräch.

**FNR: An was arbeitest du konkret?**

PB: Jeder Doktorand baut bei uns sein eigenes Mikroskop, mit neuen optischen Eigenschaften und einer verbesserten Bildgebung. Dann halten wir nach Forschern Ausschau, die die Vorteile unseres Mikroskops für ihre Forschungsarbeit nutzen können. Mit ihnen führen wir dann gemeinsam Messungen durch. Hierfür müssen wir die Mikroskope gegebenenfalls optimieren oder den spezifischen Bedürfnissen anpassen.

**FNR: Was ist denn das Besondere an dieser Mikroskopie-Technik?**

PB: Wir können mit dieser Technik sehr kleine Strukturen von 5-20 Nanometer auflösen und dabei dreidimensionale Bilder erzeugen. So kann man z.B. die Verteilung einzelner Proteine visualisieren. Gegenüber anderen Verfahren lassen sich außerdem verschiedene Zellkomponenten in unterschiedlichen Farben markieren und somit deren Interaktion beobachten. Vor allem aber ist diese Technik sehr interessant, weil man biologische Prozesse in lebenden Zellen in Echtzeit mitverfolgen kann. Der Science-Artikel handelt z.B. davon, dass wir mit dem Mikroskop visualisieren konnten, wie der HIV-Virus an einer Zelle andockt.

**FNR: Du wurdest auserwählt, am Treffen der Nobelpreisträger in Lindau teilzunehmen. Wie war es dort?**

PB: Dieses Treffen ist schon etwas Besonderes. Hier trifft sich sozusagen die „crème de la crème“ der Nachwuchsforscher. Und natürlich ist es spannend, all die Nobelpreisträger live zu

erleben. Insofern hat es mich sehr gefreut, dass ich vom Fonds National de la Recherche (FNR) und schließlich auch von den Organisatoren zurückbehalten wurde. Jeden Morgen haben Nobelpreisträger Vorträge gehalten, nachmittags konnte man dann in Gruppen mit ihnen diskutieren und abends gab es Social-Events, um sich untereinander kennenzulernen. Insgesamt eine tolle Erfahrung.

**FNR: Du hast nun deine Doktorarbeit fertig geschrieben. Was ist rückblickend dein Fazit zur Zeit als Doktorand?**

PB: Es war eine gute Zeit, in der ich viel gelernt habe. Es war aber nicht mehr so locker wie während des Studiums. Zwar hatte ich alle Freiheiten der Welt, konnte zur Arbeit kommen und gehen wann ich wollte. Außerdem kam ich dank der finanziellen Unterstützung des FNR ganz gut über die Runden. Aber irgendwie war ich im Kopf fast immer bei der Arbeit. Dies wurde bestärkt durch die Konkurrenzsituation: Weltweit forschen andere Gruppen möglicherweise an ähnlichen Themen und auch intern kann es vorkommen, dass zwei Doktoranden auf ein Thema angesetzt werden. Auch in der Forschung gilt: Der Schnellere und Bessere gewinnt. Abschalten konnte ich am besten beim Sport.


**FNR: Und wie geht es nun weiter?**

PB: Ich werde vorerst der akademischen Forschung den Rücken kehren und ein MBA in Paris machen. Dann habe ich vor Berufserfahrung in der Industrie zu sammeln und mich in anderen Gebieten weiterzuentwickeln. Anschließend kann ich immer noch entscheiden, welcher Karriergang am besten zu mir passt.

**INSTITUT**  
Deutsches Krebsforschungszentrum  
(DKFZ), Heidelberg

**TITEL**  
Parallelised STED nanoscopy

**DOKTORVATER**  
Prof. Dr. Stefan Hell



**Research = training + perspective  
See what's behind.**

Supporting researchers in their **doctoral and postdoctoral** training in Luxembourg and abroad is of central interest for the National Research Fund (FNR). Through the **AFR Funding Scheme** (Aides à la Formation-Recherche), the FNR contributes to the improvement of the researchers' training conditions and enhances their career development. The AFR scheme promotes work contracts between AFR beneficiaries and their host institutions as well as public-private partnerships.

Interested in an AFR grant? Check eligibility conditions and deadlines for forthcoming calls.  
Go and see what's behind on [www.fnr.lu/afr](http://www.fnr.lu/afr)

**AFR**

**FUNDING SCHEME**  
FOR PHDS AND POSTDOCS  
(AIDES À LA FORMATION-RECHERCHE)



HALL 3  
STAND  
**A34**

Fonds National de la  
Recherche Luxembourg  
INVESTIGATING FUTURE CHALLENGES

# Stroossbuerger Niklos-Rallye, powered by ALUS



## “ D’Studentenzäit ass déi schéinsten Zäit ! ”

Nee, dëse Saz stammt net vum grouße Konfuzius, mä ass dofir awer eng fest verankert Wäisheet an der lëtzebuerger Studentegeschicht.

D’Studentenzäit ass awer net déi schéinsten Zäit wéinst deene villen Examen, Klausuren, „travaux pratiques“, Hausarbechten, etc. mä sécherlech wéinst dem „studentesche Rahmenprogramm“, deen een als Student an deene sëllechen Universitésstied kenne léiert.

Stroossbuerg, mat sengem lëtzebuerger Studenteclub, der ALUS (Association des Luxembourgeois aux Universités de Strasbourg), huet natierlech och traditionell vill dem lëtzebuerger Student a senger neier Emgéigend ze bidden.

Ënner dem Motto: „L’ALUS vous propose, à vous de choisir“, bastelt de Stroossbuerger Studentercercle senge Memberen all Joers e Manifestatiounskalender dee sech absolutt weise léisst. Ee vun de Stroossbuerger Headliner ass sécherlech déi grouss Intercercle „Niklos-Rallye“, déi mir lech an désem Artikel wäerte presentéieren.

A manner wéi engem Mount ass Stroossbuerg rëm „Capitale de Noël“. Fir déi, wou et nach net sollte wéissen: Stroossbuerg huet deen eelsten a gréisste Chrëschtmaart aus ganz Frankräich (quasi ganz Europa). Dëse Marché de Noël nennt sech op elsässesch „Christkindlsmärik“ an ass natierlech ville Lëtzebuerger e Begréff (P.S.: frot roueg mol bääi ären Eltern no!).

Stroossbuerg ass natierlech houfreg op säi grousse Chrëschtmaart, deen sech duerch déi ganz Elsassstiedchen zitt. Déi stroossbuerger Studenten genéissen et och all Joers virun de Wanterexamens iwwer de Christkindlsmärik ze flanéieren an déi eng oder aner Chrëscht-dagsspezialitéit z'iessen, respektiv ze drénken.

Well d’ALUS dëse „Marché de Noël“ de Studenten aus aneren europäesche Stied awer net virenhale well, organiséiert si scho sät laangem den bescht bekannten „Stroossbuerger Niklos-Rallye“. All lëtzebuerger Student ass op désen Event invitéeiert, sou datt ee vill nei Leit vun aneren Unien ewei Karlsruhe, Saarbrécken, Freiburg, Nanzeg, Heidelberg, mä och anere Studentestied wäert kenne léieren.

De Startschoss fält Samschdes Mëttes géint 12:00 Auer beim traditionelle Patt Glühwïnn virun der Droit’s Fakultéit um Campus zentral. Während dëser Glühwïnzeremonie ginn déi verschidden Equipeen ageedeelt (an der Reegel eng 6 Equipeen mat bis zu 10 Leit pro Equipe).

All Equipe kréit vun der ALUS ee kompletten a schicke Kleescherskostüm, deen een aus der Equipe während der ganzer Rallye unhuet fir duerch Stroossbuerg ze lafen. Elo ass dann och grouss Interpretatiounskonscht gefrot, fir d’Weebeschreibung entschlëselt ze kréien, mä awer och eng grouss Allgemengbildung ass net vun Onnëtz fir déi verschidde Froebéi a Punkten émzwandelen. Déi angehend Akademiker an Akademikerinne können also virun den Examen eng éische Kéier d’Fitness vun hirer Matière grise testen.

## Geschécklechkeet an Iwwerwannungskonscht

No kuerzer Zäit erreechen d’Rallye-Matadoren dann och déi éischte Stänn vum stroossbuerger Marché de Noël an de Spaass kann dann och richteg lass goen. Eng ganz Partie Stationen ginn et ze bewälzegen. Dës Stationen sinn iwwer de ganze Christkindlsmärik verdeelt a beinhaltet Spiller aus alle Beräicher.

Geschécklechkeet, Iwwerwannungskonscht, logescht Denken, Sportlechkeet a Kreativitéit si bääi dësen Téschenétappe gefrot – eben lauter Saachen, déi ee Student beherrsche muss. Dat flottsten um Niklos-Rallye ass awer sécherlech, datt dee ganze Rallye um a rondrém de Chrëschtmaart stattfënnt.

Während dem Rallye kann et natierlech och virkommen, datt Passanten eisen Rallye-Participant’en müssen ënner d’Äerm gräifen, fir datt dës hiert Spill bewältig kreien. D’stroossbuerger Butteker hirersäits können och all Joers rëm eng Visite vun engem ALUS-Rallye-Grupp erwaarden. Wat am „Studenteschen“ natierlech och ni ze kuerz kommen däarf ass d’Sangeskonscht, sou datt eis Participanten och können opgefuerdert ginn, fir am Grupp de Fransousen „ons Heemecht“ virzedroen.

Et sieg awer och gesot, datt d’Rallye-Gruppen genuch Zäit hunn fir vum Marché de Noël a senge kulinareschen Highlights können ze profitéieren. Bääi engem Rallye ass genügend Ravitailement déi grouss Viraussetzung, dése können sou erfol-



legräch wéi méiglech ze gestalten. Dir kënnt lech sécherlech virstellen, datt et um gréisste Chrëschmaart aus Frankräich net u genuch „Chrëschtdags-Amuse-bouches“ wäert feelen. Och déi flëssegs Tëschestäerkung muss während dem ganze Rallye kengeswees ze kuerz kommen.

Mir wëllen an dësem Artikel sécherlech net virgräifen, mä wéi dir bestëmmt gesitt scheien d'Organisatoren vun der Niklos-Rallye keng



Käschten a Méi fir ee super Programm op d'Been ze stellen.

Dir wäert och erstaunt sinn, wéi ustrengend et ka sinn ee ganzen Dag um Christkindlsmärik rondrëm ze turnen. Erfahrungsgeméiss hu mir zu spéider Stonn (géint 20:00 Auer) traditionell lauter ausgepompelt Schnitzeljäger op der Zié-létappe stoen, déi alles ginn hunn fir déi prestiéis Victoire vun der Niklos-Rallye kenne mat Heem ze huelen.

#### Natierlech déi traditionell Stroossbuerger...?

Mä dir musst elo net fäerten, datt ab 20:00 Auer d'Mass gelies wier a jidder Student senger Wee geet. Nee nee, genau de Contraire tréfft an. Elo kënnt jo réischt de kréninden Ofschloss!

All d'Equipen, déi sech géigesäiteg dee ganzen Dag laang iwwer een haarde Kampf ém d'Victoire geliwwert hunn, ginn elo zesummen eng wuelverdéngten Stäerkung zou sech hue- len.

Als Stäerkung no der Rallye gëtt et zu Stroossbuerg natierlech: ... ...! An ...? - Wësst Dir et net ?? Dach!!! Natierlech déi traditionell Stroossbuerger Tarte flambée! Eng Niklos-Rallye ouni déi obligatoresch a

gemeinsam „Tarte flambée – Bouffe“ giff natierlech net den ALUS Regelen entspriechen a wier aus deem Grond ondenkbar!

Dës Tarte flambée ass net némmen typesch fir Stroossbuerg, mä vu datt se „à volonté“ an all de Variationounen zerwéiert gëtt, sécherlech och genau déi richteg Stäerkung no engem ganzen Dag an der frëscher Stroossbuerger Wanterloft.

Wann de Mo bis gestäipt ass, d'Examenskommissioun vun der ALUS d'Resultater vun der Niklos-Rallye ausgerechent, beschwat an ofge-seent huet kënnt dann och dee groussen Ament op deen eis Gladiatoren vu Méttes 12:00 Auer un higeschafft hunn.

An enger dramatescher, u Spannung net ze iwwertreffender Proclamatioun gëtt dann nom Maufel de grosse Gewënner vum traditio-nräichste Rallye an der lëtzebuerger Studenteszen bekannt ginn.

Dëse Gewënner huet dann och net némmen déi héich Unerkennung vun de géignereschen Equipen, mä virum allem och super Präisser (besonnesch kulinairescher Aart) gewonnen. Mä och déi zwou aner Podiumsplazien ginn net eidel heem. Matmaachen lount sech also absolutt. No der Tarte flambée an der Präisiwerree-

chung sinn d'Strapazen vun der Rallye rëm ewéi ewechgeblossen an där nei gewonnener Energie kann op der „After Niklos-Rallye Party“ fräie Laf gelooss ginn. Bäi déser Geleeënheet kann een dann nach e puer flott Stonne mat Frënn a Kollegen zu Stroossbuerg verbréngen.

Léif zukünfteg Studenten a Studentinnen – loosst iech iwwerzeegen, datt d'Studentenzäit zu Stroossbuerg ze verbréngen, ee super Choix ass!!!

An deem Senn wünscht d'ALUS iech vill Gléck fir äré Première's/Treizième's-Examen a vläit gesäßt ee sech am September zu Stroossbuerg!

Fir d'ALUS – Streng Pol



## Zesumme mat der ALEM duerchstarten!



Generalversammlung IFMSA zu Kopenhagen



Den Undrang fir Medezin ze studéieren ass zu Lëtzebuerg sou grouss wéi scho laang net méi! Sief et den ALEM Stand op der Foire de l'Étudiant, d'Informatiounsmoien an de Lycéen oder d'éischt Joer Medezin op der Uni Lëtzebuerg, den Ustuerm ass an de leschten zwee Joer enorm gekommen. Dat ass och gutt esou! An eiser rezenter Publikatioun „Démographie Médicale du Luxembourg 2011“ (ze fannen op [www.alem.lu](http://www.alem.lu)) weist d'ALEM datt d'Beruffsaussichten am Beräich Medezin an dem nächste Joerzéngt gutt wäerte sinn. Vill Doktere ginn an d'Pensioun (cf. Bild vun der Alterspyramide vun den Dokteren zu Lëtzebuerg) mä gläichzäiteg klemmt d'Nofro un neien Dokteren awer steteg un.

### Lëtzebuerg versus Ausland

Besuergniss ereegend ass momentan d'Situatioun am éischte Joer Medezin op der Uni Lëtzebuerg. De groussen Undrang vu ronn 100 Medezinstudente samt Waardeschlaang ass natierlech erfreelech, mä wouhi mat all de frëschgebakene Medezinstudenten nom éischt Joer? Den Héichschoulminister kämpft momentan fir déi 15 Platzen, fir an d'zweet Joer Medezin, an der Belge oprocht ze erhalten. De Lien fir an d'zweet Joer vun der 'Universität des Saarlandes' zu Homburg gëtt et net méi, wat besonnesch schued ass well de CHL e Lehrkrankenhaus vun déser Uni ass. Fir an Éisterräich an dat zweet Joer ze kommen, ass scho seit e puer Joer net méi méiglech. Wann d'Belge ewechfalt bleiwe just nach 44 Platze fir émmerhin 100 Medezinstudenten déi an e zweet Joer am Ausland wölle kommen. D'Schüler däerfen sech net decouagéiere loosse direkt an d'Ausland ze goen, besonnesch wann se gutt Resultater op Première haten. Et ass manifest datt ee lëtzebuergesche Student aus enger Première B oder C géig-niwwer den auslännesch Studente besser do steet a fir d'éischt Joer Medezin fir vill Fächer iwwerqualifiziert ass! An anere Wieder et ass

vill Widderhuelung mä et muss ee just mam Pensem eenz ginn. Pessimistesch Stemmen déi soen, dat packt dier net! si net renseignéiert!

#### D'ALEM am Asaatz fir Medezinstuden-ten an MEVS

Eng wichteg Aufgab vun der ALEM ass et Schüler a Medezinstudenten iwwert déi eenzel Studielänner ze informéieren. Den ALEM Comité mat senge „Membres consultants“ fir Lëtzebuerg, Frankräich, Belge, Däitschland an Éisterräich beméien sech iech um Lafenden ze halen an iech wäertvoll Tips ze ginn. Vu datt momentan a ville Länner enorm Ännernungen an de Studiepläng fir geholl ginn ass et émsou méi wichteg sech an eiser Diffusionslescht „Infomail“ an an eisem 'Facebook Group' unzemannen. Méi Informatiounen zu déisen Themen fannt dier op [www.alem.lu](http://www.alem.lu).

En anere wichtegen Eckpfeiler vun der ALEM ass den Asaatz fir d'Interesse vun den Medezinstudenten an den „médecins en voie de spécialisation“ (MEVS).

Zu Lëtzebuerg, am Géigesatt zum Ausland, ass de Medezinstudente keng Méiglechkeet ginn an de Spideeler eppes ze verdéngen, sief dat an hire Stagen oder Nuëtswuechten. Vu datt de Medezinstudium zeitowänneg ass, deier ass, an en plus vill Stagen an der Vakanz musse gemaach ginn, ass et praktesch onmégliche engem bezuelten Nierweberuff nozegoen. D'Studenten hunn e Grondrecht fir eng Indemnitéit an hire Stagen ze verlaangen. Lëtzebuerg däerf sech an dár Thematik net enthalten. Huet eis d'Land an deem Senn net eng „dette morale“ géigeniwwer den auslännesch Universitéits Spideeler déi eis Dokteren ausbilden!?

En anere Punkt fir deen d'ALEM sech asetzt ass d'Méiglechkeet ze kréien duerch den Ministère de l'Enseignement supérieur mat de Medezinstudenten a Kontakt ze kommen. Soubal d'Studenten am Ausland verschwan-nen, fehlt vun hinnen oft all Spuer. Dat mësch et onméglich se efficace ze informéieren an

ze orientéieren - wat wou zu Lëtzebuerg gebraucht gëtt! Just den Héichschoulministère huet duerch de Cedies Kontaktdaten vu ronn 700 Medezinstudenten.


#### Matt der ALEM duerch d'Studium an nach méi weit!

D'ALEM ass Member vun der IFMSA „International Federation of Medical Students' Associations“, wat eis erlaabt op hiren internationale Kongresser an och op Weiderbildunge deelzehuelen. Sou war d'ALEM an de leschte Joere schon op sou much Generalversammlunge präsent (z.b. a Kanada, Dänemark, asw.). Dést Joer war d'ALEM schon op hirem „European Regional Meeting“ zu Prag wou et ém d'Thema „Ethics and Communication“ young. Am Mäerz 2013 wäert d'ALEM op der Generalversammlung zu Washington DC, USA, mam Thema „Advocacy and the Physician-in-training“ dobäi sinn. D'IFMSA mat hiren 1,2

Millioune Medezinstudente verdeelt duerch d'ganz Welt gëtt engem d'Méiglechkeet international Kontakter ze schléissen, sech géigesäiteg ze énnerstëtzen an z'inspiréieren. Vu Public Health, Medical Education, Reproductive Health – Themen déi allkéiers räichlech diskutéiert ginn – bis zu méi spezifische Workshops wei een z.B. säi Studium méi efficace verwalte kann, sech besser presentéiere kann, en Team leed, asw. gëtt alles ugebueden.

Als Medezinstudent kritt een scho frei e Wësse matt op de Wee dat ee net fir sech behalen dierf! Matt der ALEM zesumme kënnt dir Projeten a Campagnë starten an soumat äert Wëssen der Bevölkerung matdeelen. D'Medezin ass méi wei némmen e Studium!

RINALDETTI Sébastien  
Association Luxembourgeoise des Étudiants  
en Médecine - ALEM  
[www.alem.lu](http://www.alem.lu)



## 25 Joer Guide du Futur Étudiant!




Wat soll ech wou studéieren? Dës Fro hues du dir als 1ière oder 13e Schüler och scho gestallt? Dann as de „Guide du Futur Étudiant“ genau dat Richteg fir dech!

Dëse Guide bitt dir eng Hëllef op der Sich nom richteger Studium an däer richteger Stad. Ganz nom Motto : „Vu Studente fir Studenten“ gëtt dëse Guide säit 25 Joer fir all Schoulrentrée vun der „Association des Cercles d’Étudiants Luxembourgeois“ (ACEL) an hire Membercerclen néi editéiert. 37 Studentecerclen an 5 fachspezifesch Studentenassociationen stellen sech an dësem Guide fir.

Du fénns praktesch Informatiounen iwwert d’Universitéiten, déi touristesch Aspekter an net ze vergiessen, d’Studenteliewen vun net manner wei 38 Stied. Eng kleng perséinlech Note vun dësem Guide ass, dass d’Cerclen eng Kontaktpersoun uginn, un déis du dech bei méi spezifesche Froen kanns wenden. Dëse Guide gëtt **gratis** verdeelt an ass op all Spuerkeessagence, beim CEDIES, SPOS, BNL, SNJ, Maison de l’orientation, PJ Esch, Maison des Jeunes Mondarcange, CJ an natierlech och beim Comité vun der ACEL an online um Site vun der ACEL ([www.acel.lu](http://www.acel.lu)) ze kréien.

## Guide du Futur Diplômé



Däin Diplom an der Täsch!? Dann feelt dir elo just nach déi neisten Editioun vum „Guide du Futur Diplômé“!

Op knapp 135 Säiten fénns du an dësem Guide all d’Informatiounen déis du brauchs fir mat engem stabillen Standbein an Beruffsliewen antrieben ze kënnen.

Wat den Opbau vun engem CV, engem Motivationssbréif oder d’Virbereedung fir en Virstellungsgespréich ugeet, huet een hautdesdaags ni ausgeleiert, also zéck net dës Informatiounen èmmer mol erëm nozeliesen mat Hëllef vun dësem Guide.

Doriwwer eraus fénns du hei och nützlech Informatiounen iwwer de soziale System a Lëtzeburg, deng Rechter an Obligationen a Villes méi. « L’essentiel est l’emploi de la vie, non sa durée » (Senèque). Also maach et direkt richteg an huel dir elo däin gratis Exemplar vum "Guide du Futur Diplôme" aus enger Spuerkeessagence, an der Nationalbibliothéik, direkt op Ufro bei der ACEL an op nach villen aneren Plazien.

Méi Informatiounen fénns du op der Internetsäit vun der ACEL : [www.acel.lu](http://www.acel.lu)

Qu'est-ce qui te permet aujourd'hui d'écouter de la musique et de regarder des films sur ton smartphone, ta tablette ou ton ordinateur ?

### LES NORMES MPEG

**LYCÉENS, ÉTUDIANTS ET FUTURS DIPLÔMÉS,  
AYEZ LE RÉFLEXE NORMALISATION POUR VOTRE FUTUR JOB !**

**ILNAS**  
Institut luxembourgeois de la normalisation  
de l'accréditation, de la sécurité et qualité  
des produits et services

ILNAS & ANEC, un réseau de compétences à votre service

ANEC  
AGENCE POUR LA NORMALISATION ET  
L'ÉCONOMIE DE LA CONNAISSANCE

NOUVELLES TECHNOLOGIES  
INFORMATIQUE  
INTERNET  
TÉLÉCOMMUNICATIONS  
26<sup>e</sup> FOIRE DE L'ÉTUDIANT  
15-16 NOVEMBRE 2012

CONTACT :  
ILNAS & ANEC  
34-40, avenue de la Porte-Neuve · L-2227 Luxembourg  
Tél. : (+352) 46 97 46 70 - Fax : (+352) 46 97 46 79 - E-mail : [anec@ilnas.etat.lu](mailto:anec@ilnas.etat.lu) · [www.ilnas.lu](http://www.ilnas.lu)

Och dëst Joer huet d’ACEL nees d’Schülerreesen organiséiert. Zesummen mat Voyages Emile Weber goufen während der Ouschtervakanz Dagesreesen a verschidden Universitéitsstied uebueden. D’Ziel ass et de Schüler op der Platz d’Uni, de Campus mä awer och d’Stad selwer vun lëtzebuergeschen Studenten weisen an erklären ze loessen.

Esou steet eng Visite vun der Uni, oder vun den Uni’en a vun deenen wichtigsten Gebaiere vum Campus, ewéi d’Bibliothéik, d’Hörsäll oder nach d’Administratioun, um Programm. Op deenen techneschen Unien hunn d’Schüler esou guer d’Méiglechkeet sech divers Projeten vun de Studenten unzukucken. D’Visite vun der Uni gëtt meeschters mat engem Métegiessen an der Kantinne ofgeronnt. Nomët tes tréppelt een dann duerch d’Stad a kritt gutt Tips zum Studenteliewen a ka sech een Bild vun deenen interessanten Deeler vun der Stad maachen. Natierlech gëtt während dem ganzen Dag op all méiglech Froen geäntwert an et entsteet een gudden Austausch téschent Schüler a Studenten.

Dacks stinn d’Schüler nämlech kuerz virum Ofschloss vum Lycée a wëssen net wou se wëllen studéieren goen. D’Schülerreesen sinn dofir eng eemoleg Geleeënheet, eng Uni an hier Stad op eng Art a Weis kennen ze léieren wéi keng aner.

Dëst Joer haten d’Schüler Geleeënheet mat op Berlin, Paräis, Saarbrécken, Léck, Bréissel,

## Entdeck deng Uni – a sief fir 1 Dag Student

Frankfurt, Zürich, Nanzeg, Köln, Montpellier, Oochen, Stroosbuerg a Karlsruhe zu fueren.

Weider Informatiounen zu de Reesen ginn et op der Foire de l’Étudiant um Stand vun der ACEL an op de verschiddene Stänn vun eise Studentecerclen, mä awer och um Internetsite [www.acel.lu](http://www.acel.lu) an via [contact@acel.lu](mailto:contact@acel.lu).

Op dëser Platz wëllt d’ACEL senge Partner, besonnesch Voyages Emile Weber, Merci soen, ouni déi d’ganz Organisatioun vun de Schülerrreesen net méiglech gewiescht wär. Merci och un déi verschidden Studentencrclen déi èmmer mat grousser Motivatioun de Projet énnerstëtzen an de Schüler ee Bild vun hirer Uni an hirer Stad ginn.

## Mun Elämäni Suomessa

Dat wor et also mat menger Auslandserfahrung. Et ass eriwer a sät geraumer Zäit sätzen ech erém heiheem. Ma vu wat schwätzen ech hei iwverhaapt? Déi meeschte konnte villäicht schonns mam Titel net vill ufänken, obwuel et eigentlech relativ einfach ass: "Mäi Liewen a Finnland". A schonns wiere mer matten an der Geschicht oder, soll ech soen, deene Geschichten, déi ech während mengem Austauschjoer op der Aalto University zu Helsinki a Finnland sou duerch- an heiandsdo och sou just iwverlieft hunn.

### D'Fro vum Land

Et wor am Wantersemester 2010/11, wou ech op eemol feststelle misst, datt meng Studienzäit sech hirem Enn zouneigt. Et wor also allerhéchsten Eisebunn do eng ze dréinen, datt dat nach net sou schnell antriede sollt. A wat läit méi no, wéi fir ee Semester an d'Ausland ze goen? Geduecht, gemeet.

A sou souz ech den 22.08. am Fliger vu München a Richtung Helsinki, op enger Rees déi schlussendlech ee ganzt Joer anhuele sollt a mech méi geprägt huet wéi geduecht.

Firwat Finnland? Géigefro: Wou soss op der Welt fennnt een e Land mat ronn 2 Mio. Séien a bal 5 Mio. Saunaen bei enger Bevölkerung vu 5,5 Mio.?

Natierlech stellt sech bei de skandinavesche Männer émmer d'Fro no deene laangen däischteren Deeg an der grousser Keelt am Wanter. Do kann ech just soen, mat Alkohol léisst sech do schonns vill maachen, fir de Rescht huet een d'Sauna an den Avanto (ee Lach am Äis).

### D'Uni

Als éischt ass villäicht interessant z'erwähnen, dass d'Aalto University eng ganz jonk Uni ass.

Si gouf am Januar 2011 duerch den Zesummeschluss von dräi Unien gegrënnt: der University of Art and Design Helsinki, der Helsinki School of Economics an der Helsinki University of Technology. Mat désem Schrëtt gouf d'Visioun vun enger Uni verfollegt, déi net némme streng an eng Richtung ausbilde soll, mä de Studenten eng multidisziplinär Approche erméigleche kann.

De Campus, wou ech studiéiert hunn, heescht Otaniemi. En ass an enger Bucht geleeén an direkt op der anerer Sait gesäßt een Helsinki. De Campus gouf vum faméise finneschen Architekt an Designer Alvar Aalto entworff (no deem och d'Uni benannt gouf). An der Métt steet d'Hauptgebai ronderém dat sech déi verschidden Instituter verdeelen. Am ieweschten Deel fennnt een dann d'Teekkarikylä, d'Studentendorf, dat sech laanscht d'Waasser erstreckt.

Mäin éischt Semester hunn ech allerdéngs nach net do gelieft. D'Eier fir zu Otaniemi ze wunnen ass mer réischt ab Februar 2012 zudeel ginn. Egal wéi verbréngt een als Ingenieursstudent ee groussen Deel vu senger Zäit zu Otaniemi. Nét némme wéint de Cours'en ma och wéint deene villen Aktivitéiten déi hei stattfannen.

Et muss ee sech bewosst sinn, datt a Finnland sech quasi alles ém d'Sauna dréint. Sou wor et dann och keng Iwwershüschung, datt no all gréisser Party um Campus, d'Afterparty émmer iergendeppes mat Sauna ze dinn hat. Wéi vill Saunaen et zu Otaniemi ginn, dat ka wuel kee Mensch mat Sécherheet soen...

Komme mer awer elo mol op d'Cours'en dohannen ze schwätzen. Et bleibt fest ze halen, datt se och do just mat Waasser kachen, well, sou gutt do wéi och zu München, ass PowerPoint dat Rezept fir interaktivlos Virliesung. Allerdéngs läit den Énnerscheid an der Aart



a Weis wéi een u Punkten kënnnt. Wa sech zu München eng ganz Virliesung op een Dag mat engem Exame konzentréiert, sou heescht et hei och während dem Semester um Ball ze bleiben. Dëst op därf enger Sait well Hausaufgaben oft obligatoresch sinn, op därf anerer Sait huet een a ganz ville Cours'en des weideren Gruppenarbechten ze maachen, déi zu engem gudden Deel an d'Endnout mat afléissen. Et gëtt also méi Wäert op d'Zesummeschaffen, wéi op d'Eenzelleeschtung geluecht.

Et muss ee sech bewosst sinn, datt a Finnland sech quasi alles ém d'Sauna dréint. Sou wor et dann och keng Iwwershüschung, datt no all gréisser Party um Campus, d'Afterparty émmer iergendeppes mat Sauna ze dinn hat. Wéi vill Saunaen et zu Otaniemi ginn, dat ka wuel kee Mensch mat Sécherheet soen...

### Haalari, Teekkari, Vappu, Sitsit... ee neie Vocabulaire - d'Studenteliewen

Och wann ech duerch den Erasmus-Programm op Helsinki koum, sou denken ech datt ech awer keng typesch Erasmus-Erfahrung gemeet hunn. Alleng schonns duerch de Fait, datt ech op quasi kenger Erasmus-Veranstaltung wor. Ma et wor och guer net mäin Ziil elo Spuenier, Däitscher oder Fransouse kennen ze léieren. Vill-méi wor ech u Finnland a sengen Awunner an deenen hire Naupen interesséiert.

Eppes steet mol fest: d'Studenteliewen op der Aalto University ass wéi eng aner Welt am Verglach zu München. T'kéint ee schonns bal soe,

datt München keent huet. Wat als éischt iwwerherrscht huet, ass dass am Géigesaz zu Bayern, d'Uni komplett gratis ass. Et muss ee leedeglech ee Bäitrag un déi sougenannten Studentenunioun bezuelen (op der Aalto Universitéit ass dëst d'AYY: Aalto Yliopiston Yliopilaskunta). Woubäi déi ronn 97€ pro Joer am Verglach mat de ville Géigeleschtungen (verbillegt Tariffer am éffentlechen Transport, verbillegt lessen an der Mensa, Krankeversécherung inklusiv engem Ge-sondheetszentrum, etc) kee wierkleche Betrag sinn.

D'AYY gëtt vun engem Comité verwalt deen ausschlisslech aus Studente besteet an all zwee Joer nei gewielt gëtt. Natierlech schaffen an der Verwaltung selwer och fest agestallte Leit, wann ee bedenkt, datt si net némmen an der Representatioun vun de Studenten géigeniwwer der Uni täeg sinn, ma och Studentewunnungen verlounen a mat ville politeschen a soziale Partner zesummeschaffen.

Op jiddefalls huet sech aus déser Unioun eng Vielfaltegeet erausgebild, déi ee sou schnell néirens fénnt. Honnerte vu studenteschen Interesseclippercher (an de Beräicher Film, Spill, Sangen, Musek, Wanderen, Vélofueren, etc) déi déi verrécktesten Iddien émsetzen. Sou kann een zu Otaniemi an engem Keller ee voll ausgerüstene Kinossall lounen, bei deem ee mengt de Bruce Willis ging am Die Hard III niewent engem sätzen.

Dann huet all Studienrichtung seng eegen, als Gild bezeechent, Vertriebung. A mengem Fall wor dëst d'Gild vun de Maschinnebauer, KIK (Koneinsinöörikilta). Niewent deene villen traditionellen Aktivitéiten déi vun dësen organiséiert ginn (Aféierung vun Erstien, Visite bei Firmaen, Saunaowender, Partien, etc.), hat d'KIK allerdéngs nach eppes Spezielles: een ale Sowjettrakter. E puer Interesséierter haten sech désem ugeholl an en am Laf vun de Joren rém op d'Kette gesat, sou datt dat Déngen um Enn och ronderém gefuer ass.





All Gild definéiert sech iwwert een Overall, den Haalari. Dësen huet jee no Studierichtung eng spezifesch Faarf. Am männech dominéierte Maschinnebau wor en: rosa. Deen Haalari gëllt et duerch d'Partizipation u méiglechst villem Eventer mat Patchen zou ze bitzen. An dir hutt et schonns richteg erkannt: méi Patchen = méi Erfahrung.

Et gi quasi onendlech vill Traditounen, déi bei de sougenannten Teekkarien besonnesch ausgeprägt sinn. Als Teekkari bezeechent een dobäi ee Student, deen an enger naturwissenschaftlecher oder technescher Disziplin studiéiert. Als eng faméis Traditounen erënneren ech mech do un déi sougenannten Sitsiten. Bei engem Sitsit handelt et sech ém een Owesissen, bei deem een an Tenue correcte erschénge muss a währenddeem eng ganz Partie Lieder gesonge ginn. Ma wie kennt et net, wann ee séngt, da gëtt een duuschtereg a wann een dréngt, da gëtt ee séngeresch. Un de Rescht hunn ech keng Erënnerung méi.

Onvergiesslech wäert mer op Éiweg an Émmer den éischte Mee bleiwen. Dee gëtt a Finnland als Vappu bezeechent. Dat ass do manner mat Aarbechterdemoen a Gewerkschaftsversammlungen verbonnen ma vill méi als nationale Studentefierdaag bekannt. Op deem Dag ass Helsinki (an all aner Studentestad) am

Ausnamenzoustand. Voll mat Leit déi déi traditionell wäiss-schwarz Kaben un hunn, déi ee kritt, wann ee seng Schoul gepackt huet. Deen Dag heescht et an ee Park ze tréppelen an do ze picknicken a Schampes ze drénken. Wann ee bedenk, datt sech zu Helsinki alleng an engem Park 30.000 Leit zesumme fonnt hunn (deelweis mat mobilen Saunaen), da kritt een eventuell ee Gefill wat dat fir een Opwand ass. Fir den Teekkari fánkt de Vappu iwwregens émmer schonns eng Woch am Viraus un.

### D'Reesen

Wann ee schonns an enger anerer Uni ass, da soll ee natierlech och dovunner profitéieren fir sech dat wat ronderém läit ukucken ze goen. Niewent der schonns quasi obligatorescher Fähr, déi een op Tallin mat senger wonnerschéiner Aalstad féiert, ass do natierlech och Stockholm ee Must. Bei mir koum och nach Copenhagen dobäi.

Ma wat ass Finnland ouni Lapland: am Wanter doudkaal a quasi ouni Sonn, dofir huet een am Summer ganz Legiounen u Moustiquen, déi engem d'Liewen zu enger Qual maachen, a keng Nuecht. Et huet also gegollt bénid Erfahrungen ze sammelen.

Sou wore mer am Februar zu enger aacht (véier Finnen a véier Auslännner) dorobber bei

eng Fréndin an de Chalet. Dat wor eng Aventure! Een Haus ganz alleng op engem mat Schnéi bedeckten Séi mat am Hannergrond liicht geschwongenen Hiwwelen a natierlech enger Sauna mat direkter Siicht op déi ganz Szenerie. Do huet natierlech och Schnéiscooter fueren a Snowboarden net dierfe feelen. Mir hate sougwer d'Chance an dierften eng ganz Rëtsch Nordlichter bewonneren. Spéider goung mer och nach de Santa Claus (Fin.: Joulupukki) a seng Heemecht Rovaniemi besichen an hunn do och un enger Studenteralley duerch d'Stad deelgeholl (natierlech an eisem rosa Haalar), wou Studenten aus ganz Finnland dobäi wornen.

No déser Wanterexperienz, goung et fir mech nach emol am Juni fir ze Wanderen erop. Do wor et allerdéngs nach esou kal, datt nach keng Moustique sech erausgetraut huet. Wéi ech schonns do uewe wor, hunn ech dann och nach direkt mat engem Interrailticket Tromsø, d'Lofoten an Oslo a Norwegen matgeholl a sinn iwwer Stockholm zeréck op Helsinki gefuer.

Meng lässt gréisser Rees huet mech a Russland gefouert, wou ech mer Moskau a St. Pétersburg ukucke goung. Russland, dat muss ee soen, ass eng aner Welt. Wann een a Finnland gewinnt wor bei all klenger Rei een Ticket ze zéien, sou heescht et hei, sougwer kuerz virum Schalter, nach domadden ze rechnen datt een anere sech virdréckt. Do heescht et also eenz ze ginn. Ouni Russeschkenntnisser huet ee verluer, et sief dann et fieret ee bei enger all Inc.-Rees mat. Zu mengem Glück hat ech an engem Cours zu Helsinki den Alex, ee Russ,

kennegeléiert, dee mech direkt och a seng Datscha „bei“ St. Pétersburg agelueden huet. Dat Wuert „bei“ huet a Finnland jo schonns ee méi ausgedehntene Charakter wéi hei, ma a Russland kritt et eng aner Dimensioun. 2h Zuchfahrt an nach een 3km-Marsch wore néideg ier mer virun der Dier stoungen. Dat nächst Geschäft wor dann och „direkt an der Géigend“, nämlech némme 4,5km zu Fouss am iwwernächsten Duerf. Dat Schéinst un der hei Geschicht ass, datt op eemol kee Stress méi do ass. Soe mer et sou: et ass einfach kloer, datt ee keng 20 Saache méi mateneen erleedege kann.

### Dat wat bleibt

Wéi ee sécherlech am Laf vum Artikel konnt erausfannen, ass mäin Häerz iergendwou do uewen hänke bliwwen. Finnland ass ee Land, dat mech méi wéi eemol iwwerrasccht huet (op bénid Manéieren). Et stëmmt, datt ee vill Energie muss investéieren fir énnert den Eenheemeschen eng gewëssen Unerkennung z'erreechen (sécherlech méi wéi a südleche Länner). Ma vum Resultat konnt der iech an den Zeilen uwendriwwer iwwerzeegen: eng liewenslaang undauernd, eenzegaarteg Beräicherung.

Hei konnt (a wollt) ech natierlech némmen ee Brochdeel vun mengen Erliefnesser zum Beschte ginn, fir de Rescht muss ee scho selwer dohinner.

Pit Schumann,  
TU München, Maschinnebau,  
pschumann@mytum.de  
Photos: Pit Schumann



# Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois (REEL)

## 11.-14. Oktober 2012



### **“Technischer Fortschritt: Von der Wissenschaft getrieben, von der Gesellschaft gebremst?”**

Ennert deem Motto stoung déi dësjährig REEL (Réunion Européenne des Étudiants Luxembourgeois) zu Oochen. Fir d'drëtt no 1997 an 2005 huet et also e Brochdeel vun de lëtzebuiger Studenten déi uechtert d'Welt verdeelt sinn an d'Stad vum Karl de Groussen verschloen. Gutt 150 Studenten, ob Comitésmemberen, Cerclesmemberen, Organisateuren awer och Ancien'en hunn alt erëm véier flott an ofwiesslungsräich Deeg mateneen verbruecht.

Startschoss war Donneschdes Moies den 11. Oktober an aller Härgotts Fréi an der Stad Lëtzebuerg an zu Dikrech. Hei goung et lass mat zwee Bussen Richtung Norden. Op der belger Grenz zu Däitschland, net wäit vun Oochen war dunn den éischten Stopp, an zwar an der Jugendherberg zu Gemmenich. Hei wier de Begréff “Bettelager” wahrscheinlich méi ubruecht wéi “Jugendherberg”, Zémmeren mat ronn 20 Leit hunn awer zur Dynamik vum Weekend baigedroen. An déi gutt kal Duschen Moies hiren Deel geleescht domat herno och jiddereen richteg wakreg war. Stromausfall opgrond vun ze vill Föhnen op ee Coup waren natierlich viraus ze gesinn, an sou war den Organisationscomité och op all Eventualitéiten prepareiert. Sou war dann och éemmer fir genuch Proviant gesuergt an et konnt sech keen iwwert Honger oder Duuscht beschwéieren.

Als éischten offizielle Punkt stoungen dann Donneschdes Moies no der Begréissung vum REEL-Präsident Eric “Phons” Gonderinger, d’Fahrt op Oochen an uschléissend d’Workshopen

vun der ACEL um Programm. Dés Tradition séichert der ACEL d’Geleeënheet mat de Leit vun hire Membercercles direkt ze schwätzen an hier Meenung zu aktuellen Studententhemen gewuer ze ginn. Eng wichteg Viraussetzung dofir, dass den Daachverband seng Representatiounsfonction ausüben kann. Themen vun de Workshopen waren:

1. D’Cercles an hier Suergen a Problemer plus d’Sich no potentielle Lösungen. 2. D'Reform vum Secondaire an e Bilan vun zéng Joer Bologna-Prozess. 3. D’ACEL an hier Memberen; Wat ass gutt, wat feelt, wat kann een besser maachen?

Sou gouf dann och ganz aktiv an ugereegt iwwert Gott an d’Studentewelt diskutéiert, a wéi esou lues den Honger opkoum, goung et fir d’Mëttagiessen net wäit ewech bei den Italiener. No dëser kuerzer Paus huet sech dann d’Plenière vun der ACEL zesummefonnt, wou d’Resultater vun de Workshopen presentéiert an diskutéiert goufen. Dés alles zesummen huet d’Grondlag fir den Debat mam Héichschoulminister gebilt.

Wat op enger REEL natierlich net dierf feelen,

dat ass d’Erkundung vun der Gastgeberstad. Dofir haten sech d’Organisateuren e klengen Tour ausgeduecht, op deem d’Studenten a Form vun engem Rallye déi flott Studentestad Oochen konnte bëssi besser kenneléieren.

Oftgeschloss hu mer den éischten programm-

räichen Dag dann mat engem gudden Owen-

diessen beim Mexikaner (jo mer ware ganz international deen Dag) an engem klenge Stu-

dentenowend am Café Papillon.

**Visitten a "Kontaktmesse"**  
Och den nächsten Dag gouf et nees Fréibieren fir eis all. Als besonnenen Deel vun der REEL, ginn et neemlech Freides Moies Visitten vu méi oder manner bekannten Firmen, Institutiounen oder kulturellen Arrichtungen gemaat. Zur Aus-



wiel stoungen de REELaner de BMW-Tuner AC Schnitzer, d'Domschatzkammer vum bekanneten Oochener Dom, d'Fraunhofer Institut für Lasertechnik an d'Kohlekraftwerk Weisweiler, dat gréissten Kraftwierk vun Europa. Leider sinn dës Visitten aus zäitleche Grénn émmer relativ kuerz, mä déi meescht kruten vill an Interessantes gebueden. Sou hunn sech et d'Leit vun AC Schnitzer och net huelle gelooss, deen een oder aneren "opgemotzten" Moto unzeschmäissen fir ze weisen wat an hiren Autoen stécht.

No déesen Visitten, wéi kéint et anescht bei jonke Studente sinn, war den Honger natierlech erém méi wéi präsent. E klenkt Mëttgeissen am Restaurant Stadtkrone huet dunn déi néideg Energie fir de folgende Punkt op der Dageserndung gesuergt, nämlech d'Presentatiounen vun de Sponsoren. Eng REEL op d'Been ze stellen wier nämlech net méiglech ouni d'finanziell Ënnerstëtzung vun deenen villen Partner, déi am Géigenzuch dann d'Geleeënheet kréien, sech de Studenten vir ze stellen. D'est mat Hëllef vu Virträg, an am Uschloss enger klenger "Kontaktmesse". De Kader an deem dës Virträg stattfonnt hunn hätt méi beandrockend bal net können sinn. Dat Ganzt war nämlech an der Lounge vum Oochener Fussballstadion Tivoli, wou mer schéin an gutt ausgerüsten

Säll zur Verfügung haten. Well et sou schéin war, ass dann och direkt profitéiert ginn, fir d'Öwesiessen och do a Form vun engem Buffet ze organiséieren. Hei hunn eis Partner natierlech och gären mat giess, an eng Partie vun hinnen huet sech et anstandshalber och net huelle gelooss eis Owes nach op d'Black & Yellow Party am Jakobshof ze begleeden. Danzen bis d'Been et net méi packen war hei d'Motto, sou dass d'REELaner dann och an der Jugendherberg an hier Better gefall sinn. Dass et hei Ausnahmen gëtt, an verschidden Leit nach bëssi Energie ze vill haten erlieft een wahrscheinlich an der Form och némmeen op der REEL.

#### Samschdeg - en Dag voller Highlights

De Samschdeg bild dann traditionell den Héichpunkt vun der REEL. Um "Offiziellen Dag" schmäissen d'REELaner sech nämlech all an hiert bescht Kleed oder hire beschte Kostüm, fir en Dag voller Highlights. Et fänkt un mat engem Debat zwëschen de Vertrieeder vum Héichschoulministère vu Lëtzebuerg, an désem Fall den Minister Biltgen (deen net fir d'éischt op enger REEL war), dem Jerry Lenert (Cedies), an de Vertrieader vun der ACEL, der Präsidentin Marie-Paule Even an der Vize-Präsidentin Joëlle Pizzaferri. Déi üblech Themen wéi d'Aide financière, awer och d'Reform vum

Secondaire an de Bologna-Prozess stoungé wéi gesot um Plang.

De nächsten Highlight war dunn d'Table ronde zum Ufanks genannten Motto vun der REEL, déi mat enger beandrockender Besetzung glänzen konnt. An der Aula I vun der RWTH huet den Prof. Dr. Andreas Gebhardt (FH Aachen) d'Diskussioun geleet. Deel geholl hunn den Univ.-Prof. Dr. Phil. Walter Kaiser (Prof. für Geschichte der Technik un der RWTH), den Dr. Marcel Oberweis (Chamberdéputéierten, CSV an Alumni vun der RWTH), den Claude Turmes (Europadéputéierten, Dái Gréng), den Prof. Dr. Ernst Schmachtenberg (Rektor vun der RWTH), den Prof. Dr. Roger Häußling (Prof. für Soziologie un der RWTH) an den Dr. Dr. Elmar Nass (Theolog an Gesellschaftsforscher). Dësen héichkarätege Grupp huet eng extrem flott an interessant Diskussioun gebueden, an och wann d'Studenten schonn zwee ustregend Deeg hannert sech haten, sou hunn déi Meesch dach interesséiert nogelauschtet a partizipéiert. En offiziellen Empfang vun der Stad Oochen am Rathaus huet an sou engem Kader dann bal schonn normal gewierkt, an nom Eierewäin goung et dunn zum Ofschloss vun désem flotten Dag fir en Galadinner an den Energeticcon zu Alsdorf. An déser schéin renovéierter aler

Industriehal gouf et dann alt erém en extrem gudden Buffet, an déijéineg déi nach genuch Energie iwwreg haten hunn och deen Owend nach eng Kéier gedanzt wat de Kierper hir ginn huet.

De leschten Dag, deen dann offiziell dofir do ass fir d'REEL lues auskléngen ze loessen, huet sech dunn awer och nach eng Kéier als extrem flott an ereignisräich presentéiert. Brunch am Drehturm Belvedere, e Nomëttag mat Entspannungsaktivitéiten, an zu gudden lässt e richtegt Rittermahl hunn déser gelongener Editioune 2012 souzesoen d'Kroun vum Karl de Groussen opgesat.

Insgesamt kann een also vun enger flotter an ofwiesslungsräicher REEL'12 schwätzen. Dofir mengen ech, dass ech fir jiddereen schwätzen, wann ech op déser Plaatz nach eng Kéier dem Oochener Organisationscomité e grousse Merci soen fir dat ganzt Joer u Preparatiounen a Stress. Et huet sech gelount an et war wierklech flott.

An deem Senn, op eng flott REEL'13!

Steve Hoscheit

ACEL

steve.hoscheit@acel.lu

Photos:Yves Roth, Charly Huberty




Besicht eis op eisem Stand  
op der Foire de l'Étudiant  
Weider Infos énnert [www.acel.lu](http://www.acel.lu)

## Zoom sur des sujets d'actualité

### Aide financière:

Le dossier des aides financières est toujours en cours. En ce moment, le Ministère attend la réponse à la question préjudiciale sur la clause de résidence qui a été posée devant la Cour de justice de l'Union européenne au Kirchberg. Selon le jugement de cette Cour, la Commission européenne jugera sur l'affaire en manquement, qui traite le reproche que la loi ne serait pas conforme à la loi européenne.

Si ces obstacles seront vaincus, il semble qu'un nouveau va s'imposer: le budget. Pour l'année académique 2011/12, 90 millions d'euros ont été accordés sous forme de bourses auxquels s'ajoutent 11 millions d'euros de remboursement de frais d'inscriptions. Une somme considérable mais un investissement nécessaire dans l'éducation de nos futurs diplômés. Cependant, dans cette période de crise financière, il serait naïf de penser que la politique actuelle n'envisagera pas un jour d'économiser sur le plan des aides financières. Si tel est le cas, l'ACEL défendra le système d'aide financière actuel. Pour nous, les aides doivent obligatoirement être maintenues de façon à garantir l'accès aux études supérieures à chacun, indépendamment de sa situation familiale, son choix et lieu d'études.

### Maison de l'orientation:

Avec l'inauguration le 26 septembre 2012 de la Maison de l'orientation à Luxembourg-Ville, les informations primordiales sur les études et l'emploi sont rassemblées sur un lieu unique afin d'informer les jeunes de façon optimale.

Le Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle rassemble ici les services d'information les plus importants sous un toit: le Centre de psychologie et d'orientation scolaires, l'Action locale pour jeunes, la Cellule d'accueil scolaire pour élèves nouveaux arrivants, le Service d'orientation professionnelle de l'Agence pour le développement de l'emploi et le Service national de la Jeunesse. De plus, le CEDIES, l'ANEFORE et la Fédération des associations de parents d'élèves du Luxembourg y ont un bureau. Tous

ses services forment « un guichet unique qui aide les jeunes et les adultes à s'orienter dans leur vie scolaire, étudiante ou professionnelle ».

### « Statut étudiant » auprès de la CNS:

Monsieur le Ministre François Biltgen est confiant que la loi sur le « statut étudiant » sera votée encore cette année.

Le volet « assurance privée » a été annulé par l'amendement du 11 octobre 2012 de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Media, des Communications et de l'Espace. Dès que la loi sur le « statut étudiant » et son tarif de cotisation d'un tiers du salaire social minimum sera entrée en vigueur, l'Université du Luxembourg pourra assurer tous ses étudiants auprès de la Caisse nationale de santé (CNS). Pour l'ACEL ce sera une victoire, car grâce à ces modifications tous les étudiants bénéficieront de l'assurance maladie légale et profiteront des mêmes prestations que les autres assurés, mais à prix réduit.

À notre grande satisfaction, Monsieur le Ministre François Biltgen a soulevé l'idée de rédiger une loi définissant le statut de l'étudiant au Luxembourg. Un étudiant ne peut pas être comparé à un salarié, mais doit recevoir un statut à caractère individuel. Dans cette optique, l'ACEL est prête à soutenir le Ministère dans ses travaux d'élaboration de la loi susmentionnée et ne manquera pas de faire ses propositions sur ce sujet.

### Réforme du système de pension:

L'ACEL souhaite exprimer son indignation face à cette réforme qu'elle considère comme incomplète et à l'encontre du progrès social! En effet, nos revendications sur la prise en compte des périodes d'études n'ont pas été retenues. Ce point paraît peu significatif si on le compare à l'injustice sociale qui frappe les futurs pensionnés, mais il reste d'une grande importance pour les étudiants. De plus, un autre problème vient s'ajouter du fait que les périodes énumérées dans l'article 172 n'étant pas prises en

## Orientation Scolaire, Académique et Professionnelle

### Choisir ses études = Réussir dans la vie

Quelles études entreprendre ?

Quel métier choisir ?

Comment ne pas se tromper ?

- nous orientons les étudiants vers la voie du succès depuis plus de 15 ans  
- screening complet d'orientation avec remise d'un rapport écrit personnalisé

Service ouvert aux étudiants de la Grande Région (B-F-L)

TESTA-RH

Conseil en Orientation Scolaire et Professionnelle

Rue de Windhof, 3A • L-8360 GOETZINGEN

Tél : +352 30 94 12 • e-mail : testa-rh@pt.lu • www.testa-rh.lu



compte pour le calcul du taux de majoration, certains assurés (étudiants, apprentis, mères, etc.) verront demain leur taux de majoration réduit de 1,85% à 1,6%, comme il leur sera quasiment impossible de dépasser la somme de 100 (périodes d'assurance + âge) pour obtenir une augmentation du taux de majoration.

pas être limitées à une période d'âge, mais être calculées indépendamment de l'âge de l'assuré.

- Introduction de la possibilité de rachat des périodes d'études.

### Fonction publique:

L'ACEL plaide depuis des années pour l'introduction d'une carrière « bachelier » dans la fonction publique. Récemment, le projet de loi a été déposé à la Chambre des Députés. Ce projet permettra d'introduire la carrière « bachelier » dans tous les secteurs de la fonction publique.

### Foire de l'Étudiant:

Depuis la première « Foire de l'Étudiant », l'ACEL y est présente avec un stand d'information pour répondre à toutes les questions des futurs étudiants et de toute autre personne intéressée. N'hésitez donc pas à passer à notre stand 3B10 pour nous questionner et venir chercher votre exemplaire gratuit du « Guide du Futur Étudiant » et du « Guide du Futur Diplômé ».

## ANELD: Une collaboration inédite pour une information encore plus complète

Telle est la devise de l'ANELD a.s.b.l., l'Association Nationale des Étudiants Luxembourgeois en Droit, qui partage cette année pour la première fois avec le Ministère de la Justice et la Conférence du Jeune Barreau, un même et unique stand à la 26<sup>e</sup> Foire de l'Étudiant, qui aura lieu le 15 et 16 novembre 2012 dans les halles de la Luxexpo au Kirchberg.

Les années précédentes, les étudiants en Droit, les jeunes avocats ainsi que le Ministère de la Justice étaient également présents à la Foire de l'Étudiant, mais occupaient des stands différents. Afin de concentrer l'information et de la rendre plus accessible au lycéen, les trois interlocuteurs se sont fédérés dans le but de créer une seule cellule d'information sur les études et les métiers du Droit.

À présent, tous les renseignements concernant les études de Droit, les informations relatives aux épreuves post-études ainsi qu'aux différents métiers du monde juridique, peuvent être trouvés au stand qui réunit l'ANELD, le Ministère de la Justice et la Conférence du Jeune Barreau.

À cette occasion, l'ANELD vous invite chaleureusement à venir à sa rencontre.

### Qu'est-ce que l'ANELD?

• L'ANELD s'adresse à tous les étudiants dont le domaine d'études est lié au Droit, c'est-à-dire aux étudiants en sciences juridiques, sciences criminelles, sciences politiques et relations internationales.

• L'association regroupe quelques 400 étudiants en Droit, ce qui représente près d'un tiers

de la totalité des étudiants luxembourgeois en Droit.

- De nombreuses activités sont organisées, ayant pour objectif de fournir des informations aux lycéens et aux étudiants, de faciliter la création de liens avec le milieu professionnel, ainsi que de faire découvrir les différents métiers du monde juridique.

- Dans cette perspective, l'ANELD organisera ensemble avec l'ANESEC (L'Association Nationale des Étudiants en Sciences Économiques et Commerciales) la 30e Rencontre Entreprises-Étudiants, qui aura lieu le 9 février 2013 à la Chambre de Commerce du Luxembourg.

- L'ANELD s'efforce à répondre à toutes les questions relatives aux études de Droit, le 15 et 16 novembre à la Foire de l'Étudiant au Kirchberg.

### Comment contacter ou avoir plus de renseignements sur l'ANELD?

En visitant le site [www.aneld.lu](http://www.aneld.lu) ou en contactant directement l'Association par mail à l'adresse suivante: [contact@aneld.lu](mailto:contact@aneld.lu).



**Student fir  
Dag!**

**Entdeck deng Zukunft**

Deng Uni, deng Stad, däi Liewen -  
Géi deng zukünfteg Uni mat richtege Studente  
kucken an looss der weisen wéi een als  
Student an der Stad lieft

[www.acel.lu](http://www.acel.lu)  
[contact@acel.lu](mailto:contact@acel.lu)  
[www.emile-weber.lu](http://www.emile-weber.lu)

**SPUERKEESS**  
Aert Liewen. Ar Bank.

**ACEL**  
de Bussesteiger

**voyages  
emile weber**  
bischklasseg reesen

**RETHINK CAREER  
THINK INNOVATION**

Researchers, PhD students, research support and administrative staff, students, join the leading public research employer in Luxembourg and work in a challenging environment.

Find all our job offers, thesis proposals, internships, etc. at [www.tudor.lu/jobs](http://www.tudor.lu/jobs)

**tudor**  
PUBLIC RESEARCH CENTRE HENRI TUDOR

Innovating together



## Masterstudium an der Universität Luxemburg International. Persönlich. Vernetzt.

Wer bei uns studiert, entscheidet sich für eine internationale Forschungsuniversität mit persönlicher Atmosphäre.

Mehrsprachige und englischsprachige Masterstudiengänge, kleine Lerngruppen und individuelle Betreuung, ausgewogene Lehre durch Professoren und Praktiker aus 25 Ländern, Wirtschaftskontakte in Forschung und Lehre. Und das alles in direkter Nachbarschaft zu den Europäischen Institutionen, zum Finanzplatz Luxemburg und zum attraktiven Arbeitsmarkt Luxemburg.

### Unsere Fakultäten:

- Fakultät für Naturwissenschaften, Technologie und Kommunikation
- Fakultät für Rechts-, Wirtschafts- und Finanzwissenschaften
- Fakultät für Sprachwissenschaften und Literatur, Geisteswissenschaften, Kunst und Erziehungswissenschaften

Teilzeitstudium möglich! Mehr Infos:

[www.uni.lu](http://www.uni.lu) - [seve.infos@uni.lu](mailto:seve.infos@uni.lu) - Tel. +352 46 66 44 6060

**Universität Luxemburg. Master mit Mehrwert.**

# Deloitte.

## Get in the game.



Fir eis Audit-, Steier-, a Consultingservicer siche mir

### Junior Auditeuren, Consultanten, a Steierberoder (m/w)

#### Maacht mat bei enger jonker a multikultureller Equipe

Mir këmmeren eis ëm lech an Är berufflech Weiderentwécklung. Mir suerge fir d'Unerkennung vun Ärem Succès duerch e personaliséierte Wee vun ärer Carrière, en Ëmfeld an deem Dir bäléiert, Jobcoaching, vill Erafuerderungen an Teamwork.

Mir bidden eng competitiv Pai, vill sozial Leeschungen, Ariichtungen (Auto, IT Apparaten um neitste Stand, Fitness Center), e ganze Koup vu Servicer innerhalb vun eiser Firma (Conciergerie) an d'Méiglechkeet vun interner Mobilitéit oder fir op zäitlech begrenzten internationale Plazen ze schaffen.

#### Deloitte Lëtzebuerg

Deloitte ass eng vun de gréisste Firme fir professionnell Servicer, déi Berodunge fir Audit-, Steier-, Consulting- a Finanzservicer ubidd mat 71 Partneren, a méi wéi 1,300 Leit Personal zu Lëtzebuerg. Mir si bekannt als ausgezeichnete Patron fir innovativ Personalprogrammer, mir hunn eis virgeholl méi wéi eis Bescht ze maache fir eise Clienten an eisem Personal ze hëllef.

**Léiert eis Firma kennen, a stellt Är Canditatur online bei:**  
[www.deloitte.lu/careers](http://www.deloitte.lu/careers)

## Being an entrepreneur in Luxembourg!

Together with his flatmate Yannick Oswald, Georges Zahnen-Karanatsios has decided that instead of looking for a job, they should create their own. As a result, next to their studies, they have started their own company – Skilltie. In this interview, Georges talks about the challenges and opportunities of launching your own business as a student in Luxembourg.

### **Georges, what is your company about?**

In a nutshell, Skilltie is a very powerful tool to help students find the career path which would suit them best. Our website is based on social-networking tools and personalization algorithms to boost the exchange of information, skills and careers. The result is the first smart social network where young talents can promote themselves and their skills by interacting with people of similar interests and organizations/companies.

### **What and where do you study?**

I just finished my Master's degree in quantitative economics at Solvay Brussels School of Economics and Management. As the name suggests, this school is based in Brussels, a city which I appreciate for its multiculturalism and free spirit. I am now enrolled in the PhD program of this same school.

### **What is the link between your company and your studies?**

The field I am doing research in is innovation. This means studying how technological progress and new ideas stimulate the economy. My partner Yannick is currently following a Master's degree in Entrepreneurship and Innovation at the University of Luxembourg. His curriculum strongly encourages students to launch their own business.

As a result, we have had the chance to combine both, our studies and our company. In other words, using Skilltie, we have the possibility to apply in practice what we study in theory.

### **Is it important to have a background in Business/Economics to launch your own company?**

That's a rumor! Creating a company needs nothing more than the will to transform an idea into reality. The rest is intuition or can be learned. What is the most important, in my eyes, is to understand how society works and to clearly identify the needs. To quote Benjamin Franklin: "Every problem is an opportunity in disguise".

### **What does it take to transform an idea into something concrete?**

The main challenge is to motivate oneself to do instead of talk. Second, find the perfect partner and team. Complementarity and dedication are crucial factors in choosing whom to work with. Furthermore, one should always make sure that the atmosphere in the team is right.

### **What is the difference between starting your own business and going for a regular job?**

In Luxembourg, many graduates prefer going to work for the State since it offers job security, a decent salary and a way to plan one's life. Creating your own business is precisely the opposite. Being your own boss, means that you have to make sure things are running smoothly. In the end the success of the company is your responsibility. This combined with the fact that you do not have a regular salary (especially in the beginning) makes this a highly insecure working environment.

Many people are scared of this and prefer the easy way. However, in the end it is a highly rewarding experience. Like my partner Yannick says: "Once you have tasted the freedom and excitement of realizing your own project, there is no way back."

### **Why did you decide to do it your own way?**

Let me illustrate what I meant previously. From our offices at Technoport in Belval, where we

have based our company, we have a direct view on the enormous offices of large companies. I am not saying that the people working there have a bad job. We are coming much earlier and leave much later. However, almost every day, we come out with a smile on our faces. I can't say that about our neighbors. For us, at the end of the day, the most important thing in life is being satisfied by having a positive impact on society. We achieve this by pursuing our dreams.

### **Did you have any prior experience?**

None of us had any long term working experience. I was president of the Luxembourgish student union in Brussels. This gave me valuable insights into how to manage a team. Several internships helped me to get good insights into the business world. However, in order to avoid making beginner mistakes, we decided to create an advisory board. This is composed of several experienced managers who help us making the right choices.

### **What is the most important thing to consider when deciding whether to launch one's own company?**

The first question to ask oneself is whether one has the will to go through with it. The choice of life is very differently. Furthermore, I believe that it is very important not to be too deceived in the case the project would fail. Especially as a young student without a family and substantial commitments, the experience of creating a business by itself is a highly rewarding one. One shouldn't be too afraid about failure, just like a young child.

### **Why did you launch the company in Luxembourg?**

First of all, since I am from Luxembourg, I know the environment well and can base myself on personal contacts. However, what I have found a particular advantage of choosing Luxembourg is its positive attitude towards business. Everything is highly flexible. On the other hand, since Luxembourgish people can be very conservative, what I am sometimes missing is a certain dynamic approach. Nevertheless, compared to other continental European countries, it is still a great place to start a business, in particular since it is in the middle of two enormous markets.

### **Which support did you get?**

I think it would be difficult to get the same support we have gotten here in any other European country. Being a company active in the ICT, we have had the chance of having been accepted into Technoport. This is Luxembourg's national incubator and the people there have been highly supportive in helping us develop the structures of our company. Furthermore, we have had access to free office space, which gives us a tremendous working environment. The University of Luxembourg has also provided us with valuable support.

### **How do you see the future development of Skilltie?**

Skilltie has just started, but we are growing rapidly. Our advantage is that we can rely on the viral features of our smart social network. In the near future, we plan to build a real international platform, where people from all over the world can foster their skills and meet other people of similar interests. This gives them the possibility to map their career path in the best possible way.

### **Any tips for future entrepreneurs?**

I can just give you the tips that if you have an awesome idea, go for it! As I said previously, the experience itself is already highly rewarding. And with a little luck and a lot of dedication, you might be highly successful. In any case, if you have any questions or if you want to apply for an internship, don't hesitate to send us an E-Mail to gzahlen@skilltie.com or yoswald@skilltie.com. We are always looking for cool new ideas and innovative people.

JEUNESSE EN ACTION

[www.snj.lu/europe](http://www.snj.lu/europe)

CHALLENGE...

WHAT YOU KNOW... WHO YOU ARE ... WHERE YOU GO ...

YOURSELF

- Travel / Jonker fir Europa / participer / junge Menschen / échange
- Teamwork / Europa / Europäische Fräiwëllengéngscht / s'investir / friends
- Nei Sprooch / apprendre / neue Erfahrungen sammeln / develop / differences
- Kulturen / entdecken / jeunesse dans le monde / tolerance / new life styles
- Network / formation / Jugendbetreuer / Fähegeeten entwéckelen / idées
- Youth support systems / entwéckel dech weider / ressources / mach mit / organisations de jeunesse
- Coopération / zesummen / Seminare / network / Ënnerstëtzung fir d'europäesch Zesummenaarbecht am Jugendberäich

All informations:  
[www.snj.lu/europe](http://www.snj.lu/europe)

## Mäi Stage am Johns Hopkins Hospital zu Baltimore

Dëse Summer hunn ech e Stage op der Intensivstatioun vum Johns Hopkins Hospital an den USA gemaach. An dësem Artikel berichten ech iwwert meng Erfahrung dohannen a wéi een sech am beschten uleet fir e Stage an Amerika z'organiséieren.

D'Université libre de Bruxelles, op där ech Medezin studéieren, erméiglecht et hire Studenten sougenannt 'extra-muros' Stagen ze maachen, dat heescht Stagen a Kliniken déi net zu hirem Reseau gehéieren. Ech hu mech fir d'Johns Hopkins Hospital (JHH) zu Baltimore entscheed well et mech intresséiert huet wéi Medezin an enger renomméierter amerikanescher Klinik praktiziert gëtt a fir mäin medezinesch Englesch ze verbesseren. Ausserdeem erlaabt d'JHH hire 'visiting students' aktiv un der Behandlung vun de Patienten deelzehuelen an net just en Observateur ze sinn, wat net an allen amerikaneschen Kliniken de Fall ass.

D'Virbereedung fir sou ee Stage ass relativ langwierig an ech rode jidderengem un sech mat Zäit un d'Aarbecht ze maachen. Well ech selwer un enger Spezialisation als Anesthésiste-Réanimateur intresséiert sinn, hunn ech mäin Professer an Maître de stage an de Soins intensifs zu Bréissel gefrot ob hien mer kéint behëlflech sinn. Hien huet dunn eng Lettre de référence un de Chef de service vun der Medical Intensive Care Unit zu Hopkins geschéckelt dee mer du mäin Stage organiséiert huet. Ech rode jidderengem deen e Stage an Amerika well maachen un, iwwert dee selwechte Wee ze fue-

ren, well d'Chancen ugeholl ze ginn sou vill méi grouss si wéi wann een sech fir d'éischt un dat zoustännegt Sekretariat wend.

Dorops hin hunn ech missen eng ganz Rei Papierassen aschécken an online Kuren an Tester iwwer amerikanesch Virschréfte maachen. E Visa ass net néideg wann een aus engem Land wat am "Visa-waiver Programm" ass kénnt. Wat d'Wunnengssich ubelaangt, sou hunn déi meescht amerikanesch Unie sougenannt 'dorms' déi och vu 'visiting students' kénne gelount ginn. Wann een do awer keng Platz méi kritt, wat bei mir de Fall war, gëtt d'Wunnengssich allerdéngs zimlech penibel.

### Rapporten, Röntgen an Interventiounen

Baltimore leit eng 60 Kilometer nördlech vu Washington, DC an ass virun allem fir seng héich Kriminalitéitsrat bekannt. 2011 ass d'Mordzuel mat 196 Morde fir d'éischt Kéier seit 1980 rëm énnert d'200er Mark gefall, dat bei enger Staat vu 600.000 Awunner. D'Kriminalitéit fénnt allerdéngs virun allem zwéshent Gangs vun Drogendealer statt. Perséinlech hunn ech mech ni bedrot gefillt, et muss ee just verschidde Géigenden, och ronderém d'Klinik, besonesch Owes vermeiden. Donieft ginn et dann natierlech eng Rei Quartieren déi agreeabel sinn a wou ee kann erausgoen. Ausfluch an d'Nopeschstied si ganz einfach mam Zuch ze maachen.

Wat mäin Stage u sech ugeet, sou war mäin Da gesoflaf folgenden: Moies géint siwen Auer sinn ech an de Service gaange wou een Dokter vun



der Nuetsschicht mer e Patient zougedeelt huet a mer bericht huet wat iwwert d'Nuecht geschitt ass. No engem physeschen Examen hunn ech dunn mäin Rapport geschriwwen. Nom Séminaire deen all Dag um aacht Auer vun engem Dokter gehale gouf, hunn mer déi nei Röntgen zesummen interpretéiert an dunn den Tour vun de Patiente gemaach, op deem ech mäin Patient virgestallt hunn a Pläng fir den Dag proposéiert hunn. Nométtes goufen déi Pläng dunn fir all Patient ausgefouert an ech hat d'Méiglechkeet bei villen Interventiounen dobäi ze sinn. Ausserdem konnt ech un de Séminaires a Simulatiounen mat Mannequinen fir d'Studenten deelzehuelen a Nuetsschichte maachen. En tippegen Dag huet dann zwéshent sechs a siwen Auer mat der Owesronn opgehalen.

Sproochlech gesi war et virun allem schwéier all d'Akronymen ze verstoen déi si fir sou zimlech alles benotzen. Ech empfehlen dofir, dass een sech déi schonn am viraus um Internet ukuckt. Ausserdeem ass et nétzlech e klengt Buch iwwer médecine interne dobäi ze henn. D'Studente benotzen dohannen d'Massachusetts General Hospital Handbook of Internal Medicine.

Insgesamt leeën d'Amerikaner vill wärt op d'Äussert, soudass och d'Studenten émmer a Costume-Cravate opzetrieden henn. Am grousse Ganzen waren d'Dokteren, d'Studenten an d'Infirmières immens sympathesch an hellefsbereet. Den Esprit ass dee vum 'teaching'; d'Studente sinn immens gutt encadréiert an et

gëtt vun den Dokteren erwaard dass se hinne vill bääbréngen, wat een sech fir 42.000\$ Aschreibungsfräisen am Joer och erwaarde kann. D'Atmosphär war ganz easy-going, si wéssen a wat fir enger Klinik se schaffen an henn Alluren net néideg.

D'Medezin déi an esou engem Spidol praktiziert gëtt ass natierlech vun extrem héijer Qualitéit. Dëst betréfft souwuel d'Kompetenze vun den Dokteren, wéi och d'Material, d'Gebailechkeeten, de Respekt virun de Patienten an d'Organisatioun, déi no un d'Perfektion kénnt. Allerdéngs ass Amerika d'Land vun den Extremer, a wann ee bis hier öffentlech Klinike gesäßt, da léiert een d'europeesch Gesondheetssystemer réischt richteg ze schätzen. Sou steet d'Medezin, déi mir hei de Patienten ubidden därt an den USA net wäit no a virun allem gëtt se der ganzer Bevölkerung ugebueden, wat dohanne bekannterweis net de Fall ass.

Zur Conclusioun muss ech soen, dass dëse Stage fir mech eng immens Erfahrung war; ech hu vill bäägeléiert, krut eng ganz Rei vun neien Andréck an hu vill intressant Leit kennegeléiert. Wann dier selwer u sou engem Stage intresséiert sidd a Froen hutt kénnt der mech gäre kontaktéieren.

Louis Kolb  
Comité ALEM  
louiskolb@hotmail.com



## TOP 10

vun de beléifsten Unisstied

1. Lëtzebuerg	3264
2. Bréissel	1220
3. Stroossbuerg	542
4. Tréier	539
5. Paräis	474
6. Nei Léiwen	399
7. Léck	389
8. London	307
9. Oochen	306
10. Innsbruck	259

**De Mënsch am Mëttelpunkt.**

**LCGB**

www.lcgb.lu | blog.lcgb.lu

11 RUE DU COMMERCE, BP 1208 L-1012 LUXEMBOURG | TEL: 49 94 24-1 | INFO@LCGB.LU

# Studenten ABC

Studium	Studenteliewen
Aschreiwung	ACEL
Bachelor	Béier
Campus	Cercle
Doktorand	Daf
Examen	Eegestännegkeet
Fakultéit	Fräinuecht
Google	Glühwäinsoirée
Hörsall	Hangover
Institut	Intercercle
Joboffer	Jonggesellenbud
Kopieshop	Kaffi
Léieren	Lidderbuch
Master	Midd
Numerus Clausus	Niewenjob
Oral	Orientérungsphase
Praktikum	Party
Qualitéit	Quantitéit
REEL	Roi des Bleus
2. Sessioun	Studentebal
Tuteur	Tournoi de Noël
Universitéit	Ut Semper Vivant
Virliesung	Verschlofen
Wantersemester	WG
X-matrikulatioun	XXX
Young Engineer Academy	Youtube
Zäitproblem	Zapanlag

SI TU NE DÉFENDS PAS TES DROITS AUJOURD'HUI, TU RISQUES DE LES PERDRE DEMAIN!  
L'ENGAGEMENT SYNDICAL VAUT TOUJOURS LA PEINE!

Plus un syndicat est fort en termes de nombre de membres, et représentatif en termes de secteurs économiques et sociaux dans lesquels il est majoritaire, plus il peut notamment

- garantir des salaires de début de carrière équitables et la reconnaissance des diplômes dans les barèmes salariaux,
- combattre la précarisation des conditions de travail des jeunes salariés,
- imposer des avancées sociales comme la création de nouveaux droits (ex. droit au congé parental; droit au congé individuel de formation),
- négocier une amélioration continue des salaires et conditions de travail,
- promouvoir la mise en place de services d'assistance et de conseil efficaces pour les salariés et demandeurs d'emplois,
- lancer des campagnes publiques visant une meilleure réponse politique aux défis que représente la mondialisation pour notre modèle social.

Avec plus de 65 000 membres, l'OGBL est le syndicat n° 1 au Luxembourg!

Rejoins-nous dans l'action et dans notre engagement pour la justice sociale et la prospérité bien répartie!


DEVIENS MEMBRE DE L'OGBL!

Pour plus d'informations sur le travail des jeunes de l'OGBL  
[jeunes@ogbl.lu](mailto:jeunes@ogbl.lu)    [www.ogbl.lu/jeunes](http://www.ogbl.lu/jeunes)



## Impressum

ZOOM 1200mm



**ACEL**  
de Studentevertrieber

D'Studentenzeitung gëtt erausgi  
vun der ACEL a.s.b.l. (Association  
des Cercles d'Étudiants  
Luxembourgeois)

R.C.S. Luxembourg F969

ADRESSE POSTALE  
ACEL  
B.P. 63  
L-7201 Bereldange  
Tél.: (+352) 691 42 05 38-39-40

[www.acel.lu](http://www.acel.lu)  
contact@acel.lu

ÉDITEUR  
Steve Hoscheit

REDAKTIOUN  
ACEL Comité, ALUS, ALEM, ANELD,  
Pit Schumann, Pit Bingen, Louis Kolb,  
George Zahlen.

Fir Form an Inhalt vun den Artikelen ass  
eleg den Auteur verantwortlech.

D'ACEL seet all de Leit déi un  
désier Editioun matgeschafft  
hunn e grousse Merci!

OPLAG  
30000 Exemplairen

LAYOUT & ILLUSTRATION  
Melanie Elsen

PUBLICITÉIT  
Espace Regie  
54, rue Emile Mark  
L-4620 Differdange